PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Lëtzebuerg, den 11/02/2025

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Tëschent dem Bussyndikat TICE an dem Lëtzebuerger Staat gouf 2014 eng Konventioun ënnerschriwwen, déi de Finanzement vum TICE reegelt an dës Konventioun gouf dëst Joer erneiert, woubäi de Mobilitéitsministère méi Matsproocherechter an der Verwaltung vum TICE zougestane kritt
- Aus engem Schreiwes vun der Personaldelegatioun vum TICE aus dem Summer 2023 gouf virdru gewarnt, dass verschidde Buslinne beim TICE net méi vum Staat solle subventionéiert ginn an dës Realitéit trëtt elo mat der neier Konventioun och an;
- Duerch d'Gesetz vum 24te Juli 2024 krut d'Busnetz vun den CFL iwwer 10 Joer eng Erhéijung vun 20% zougesprach, fir den ëffentlechen Transport ze stäerken, mee am Staatsbudget si beim TICE iwwert déi nächst Joren keng Erhéijungen virgesinn;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. dass den TICE-Reseau a senger aktueller Form net ofgebaut gëtt a keng Strecken a Kilometeren op den RGTR ausgelagert ginn.
2. bei der neier Konventioun dem TICE keng finanziell Hëllefen ze kierzen.

Marc Goergen